# Club Am Schlass

*centre de rencontre*



| WANTER |

2023
2024



# DE "CLUB AM SCHLASS"
# WANTER 2023





Léif Frënn vum Club Am Schlass,

A scho si mir erëm an där kaler an och munchmol trister Zäit ukomm. Mee loosst Iech vun eis matrappe fir dës Méint esou flott ewéi méiglech ze gestalten. Dofir fänke mir esou guer schonns virun de Feierdeeg u mat eise flotten Nomëtteger am Chalet am Park wou dann och den Neijoerschpatt statt fënnt.

Dir sidd och erëm häerzlechst wëllkomm an eisem Smartphone-Café. Donieft bidde mir eis immens flott Tréppeltier mam Ed weider un, wou Dir d'Natur dauernd op eng aner Aart a Weis entdecke kënnt. Déi, déi net esou gutt zu Fouss sinn, däerfe sech op eis flott Kinosnomëtteger freeën. Eng interessant Visitt geet an ee ganz bekannte Musée an der Stat a mir besichen och eng impressionant Basilika am Oste vum Land. Mir weisen Iech awer och eng immens flott Opféierung an der ArcA, loosst Iech iwwerraschen. Eise schonns traditionellen Thé Dansant däerf natierlech och net feele mat sengem grousse Succès. Eng fantastesch Festung heifir am Frankräich steet och um Programm. Mat enger ganz interessanter Konferenz geet eis d'Trimester dann och esou lues zu Enn. Am drëtten Trimester fuere mir op ee ganz flotte Concert op Maastricht, wou Dir Iech schonns gären umelle kënnt.

Sou, mir hoffe mir hunn Iech elo virwëtzeg gemaach an Dir huelt Iech Zäit fir duerch d'Broschür ze bliederen.

*Mir freeën eis op Iech,*









Är Equipe vum Club Am Schlass


MARGOT JEMMING & JESSICA HARLES



FLOTT NOMËTTEGER
CHALET AM PARK
Spill- a Poternomëtteger



TRËPPELTIER
mam
Edmond Pansin,
Margot Jemming
& Jessica Harles



AGENDA
Smartphone-Café
N°01



NEIJOERSCHPATT
Mir freeën eis op Iech !
N°02




FILM
NOMËTTEG
"Tanz ins Leben"
N°03



VISITT
MUDAM
N°04




FILM
NOMËTTEG
"Club der
Teufelinnen"
N°05




VISITT

Basilika
Iechternach

N°06



THÉ
DANSANT

mam Orchester
Ever Dance

N°07



THÉATER

"Zizou a Zazou"
ARCA

N°08



FILM
NOMËTTEG

"The father"


N°09



VISITT

Château Fort Sedan

N° 10



KONFERENZ

"Self-Competence"

N° 11



# ANDRÉ RIEU

14.-15. JULI **2024 - MAASTRICHT**

# CHALET AM PARK




An dëser fiichter a kaler Zäit ass et net ëmmer flott eleng doheem ze setzen an dofir bidde mir Iech e puer ganz flott Nométteger an eisem Chalet un, deen am Park steet. Bei gudder Gesellschaft mécht et Spaass fir Gesellschaftsspiller oder Bingo ze spillen oder einfach nëmme beieneen ze setzen an ze poteren. Fir Iessen an Drénke gëtt gesuergt.
Kommt bis laanscht a verbréngt e puer flotter Stonne mat eis, mir freeën eis drop.

| DATUM | AUERZÄIT |
|---|---|
| DËNSCHDES, 05\|12\|2023 | VUN 14:30 AUER BIS 19:30 AUER |
| DËNSCHDES, 12\|12\|2023 | VUN 14:30 AUER BIS 19:30 AUER |
| DËNSCHDES, 19\|12\|2023 | VUN 14:30 AUER BIS 19:30 AUER |
| DËNSCHDES, 09\|01\|2024 | VUN 14:30 AUER BIS 19:30 AUER |

UMELDUNG BIS JEEWEILS FREIDES VIRDRUN







# TRËPPELTIER

mam Edmond Pansin,
Margot Jemming & Jessica Harles

**„Zwar hat der Mensch zwei Beine,
doch kann er nur einen Weg gehen"** *(Fulbe, ee westafrikanescht Vollek)*

Nodeems mir d'Feierdeeg hannert eis hunn, si mir frou erëm mat eisem Ed déi vill flott Weeër ze entdecken. An engems vertrëppele mir och déi vill Kalorie vun deenen Deeg.

D'Departe gitt Dir bei der Umeldung gewuer. Wa mir net am Duerf ginn an Dir keng Méiglechkeet hutt fir selwer op den Treffpunkt ze kommen, versiche mir Iech gären eng Matfuergeleeënheet ze organiséieren.

**Konditioun: Gutt zu Fouss**



*** Vergiesst och wannechgelift net fest Schong a Gedrénks matzehuelen!
D'Participatioun erfollegt op eege Verantwortung.**



Aus Respekt biede mir Iech d'Auerzaiten anzehalen!

| DATUM | DEPART | DISTANZ |
|---|---|---|
| DËNSCHDES, 16\|01\|2024 | DEPART UM 14:00 AUER | 5 - 8 KM |
| DËNSCHDES, 30\|01\|2024 | DEPART UM 14:00 AUER | 5 - 8 KM |
| DËNSCHDES, 20\|02\|2024 | DEPART UM 14:00 AUER | 5 - 8 KM |
| DËNSCHDES, 05\|03\|2024 | DEPART UM 14:00 AUER | 5 - 8 KM |
| DËNSCHDES, 19\|03\|2024 | DEPART UM 09:30 AUER GANZEN DAG MAT IESSEN UMELDUNG BIS 1 WOCH VIRDRUN | MOIES ± 5 - 7 KM MËTTES ± 3 KM |

UMELDUNG BIS DE JEEWEILEGEN DAG VIRDRUN










# PROGRAMM VUN DE VISITTEN

# AGENDA

# SMARTPHONE-CAFÉ

Mat GoldenMe a mam Jugendhaus vu Bartreng

01



Smartphone-Café

Hutt Dir eng Fro zu Ärem Smartphone? Wéilt Dir virum Kaf vun engem neie Smartphone, Laptop oder Tablett berode ginn?

Oder braucht Dir Hëllef bei de Funktionalitéite vun Ärem Smartphone oder Tablett?

Hei am Smartphone-Café kritt Dir eng individuell Berodung an Hëllefstellung bei Froen zum Smartphone, Tablett a Co. Bréngt ganz ouni Drock Är Froe mat op en entspaanten Nomëtteg a gemittlecher Atmosphär am Café an der Schauwebuerg, an Dir kritt se wärend engem Eenzelgespréich vun 30-40 Minutte beäntwert.

GoldenMe



croix-rouge luxembourgeoise


*Mënschen hëllefen*

## DE SMARTPHONE-CAFÉ MÉCHT SENG DIEREN OP:

| | | |
|---|---|---|
| FREIDES, 05\|01\|2024 | VUN 14:00 BIS 17:00 | MAISON SCHAUWENBURG |
| SAMSCHDES, 24\|02\|2024 | VUN 14:00 BIS 17:00 | BELLE ETOILE VIRUM C&A |
| SAMSCHDES, 23\|03\|2024 | VUN 14:00 BIS 17:00 | MAISON SCHAUWENBURG |

UMELDUNG BIS JEEWEILS ENG WOCH VIRDRUN







# NEIJOERSCHPATT
## VUM CLUB AM SCHLASS

02




Als klenge Merci fir Är grouss Presenz an eise Coursen a bei eisen Excursiounen invitéiere mir Iech häerzlechst op eisen Neijoerschpatt. An enger gemittlecher Atmosphär loosse mir dat lescht Joer nach eng Kéier Revue passéieren, Dir kritt d'Méiglechkeet eise Club besser kennen ze léieren a vläicht fannt Dir Interessi un anere Coursen oder Excursiounen.

Mir freeën eis elo schonn drop, Iech am Club Am Schlass ze begréissen a mat engem Pättchen op d'neit Joer unzestoussen.



SAMSCHDES,
13|01|2024

| | | | |
|---|---|---|---|
| WOU: | CHALET AM PARK | PRÄIS: | GRATIS |
| AUERZÄIT: | 16:00 - 20:00 AUER | UMELDUNG BIS: | 05\|01\|2024 |







# FILMNOMËTTEG

# " TANZ INS LEBEN "

Eng dramatesch Komedie vum Richard Loncraine



Tanz ins Leben

03

No 35 Joer Bestietnis entdeckt d'Sandra Abott (Imelda Staunton), eng gutt situéiert Englännerin, datt hire frësch pensionéierte Mann Mike (John Sessions) schonns eng länger Zäit ee Verhältnes mat hirer Fréndin Pamela (Josie Lawrence) huet.


Ouni Weideres reest d'Sandra bei hir Schwëster Bif (Celie Imrie) op London, déi si säit 10 Joer net méi gesinn huet. Déi zwou Damme kënnen net méi verschidde sinn. Fir hir Schwëster aus hirem Schleekenhaus ze lackelen, hëlt d'Bif d'Sandra mat an d'Danzen. Lues a lues kënnt erëm Schwong am Sandra säi Liewen.









## MËTTWOCHS,

17|01|2024

| | |
|---|---|
| WOU: | ARCA |
| AUERZÄIT: | 15:00 |
| PRÄIS: | GRATIS |

**Movie Time**

| | |
|---|---|
| FILMDAUER: | 111 MINUTTEN |
| UMELDUNG BIS: | 16 \| 01 \| 2024 |
| VERSION: | ( DE ) |

# VISITT VUM **MUDAM** UM KIERCHBIERG

04



04


MUDAM


De Bau vum Mudam, deen de Stararchitekt Ieoh Ming Pei entworf huet, ass den 22. Januar 1999 offiziell ugefaange ginn. Als Musée fir zäitgenëssesch Konscht baséiert dëse kulturelle Projet op engem Design vu Konscht wéi eng poetesch Distanz zur Welt. Seng Schlësselwierder si Fräiheet, Innovatioun, kritescht Denken, all net ouni Humor.

Déi asymmeetresch V-Form, mat 45 Grad Wénkel klëmmt iwwert d'Ruine vu Fort Thüngen. Déi introvertéiert Form vun der Festung ronderëm d'Festungsmaueren, fënnt een am neie Gebai vum Ieoh Ming Pei, wat also wéi eng Aart Fortsetzung ass. De Kontrast mat dësem ass ëmsou méi interessant, datt de Pei säi Gebai mat ganz geometresche Volume komponéiert, a Forme, souwuel modern wéi och klassesch, adoptéiert huet.

Bei enger immens interessanter, wéi och flotter Visitt gi mir alles iwwer dës impressionant Architektur gewuer.

**Mir gi fir mëttes zesummen zu Bartreng iessen a fuere mam Bus an d'Stad.**












## MËTTWOCHS,
## 24|01|2024

| | |
|---|---|
| **TRËFFPUNKT:** | **RESTAURANT BARTRENG** |
| **AUERZÄIT:** | **11:30** |
| **RETOUR:** | **GÉINT 17:30 AUER** |
| **PRÄIS:** | **8 €** (OUNI IESSEN) |
| **UMELDUNG BIS:** | **10\|01\|2024** |

05

FILMNOMËTTEG

# DER CLUB DER TEUFELINNEN

Een Drama vum Hugh Wilson



05

All Scheedung huet hire Präis

An der Schoul waren d'Brenda, d'Elise, d'Annie an d'Cynthia déi bescht Frëndinnen. 25 Joer méi spéit treffen se sech um Begriefnes vum Cynthia erëm a mierken, datt si eng Saach gemeinsam hunn: si goufen all vun hire Männer, déi dank hirer Hëllef Karriär gemaach hunn, géint méi jonk Fraen ausgetosch. Nom Motto "Rache ist süß", plangen déi dräi Fraen hier Männer sozial a finanziell ze ruinéieren.












FEBRUAR

MËTTWOCHS,
07 | 02 | 2024

WOU: ARCA
AUERZÄIT: 15:00
PRÄIS: GRATIS

Movie Time

FILMDAUER: 103 MINUTTEN
UMELDUNG BIS: 06 | 02 | 2024
VERSION: ( DE )

# 06

# VISITT VUN DER IECHTERNACHER BASILIKA

Weltbekannt fir hier Sprangpressessioun besiche mir haut d'Haaptstad vum Mëllerdall an och déi eelste Stad vu Lëtzebuerg. Iechternach huet eng ganz Rei vun interessante Plazen ze bidden. Haut maache mir eng gefouerte Visitt duerch d'Basilika, déi 2022 den European Heritage Label krut, fir dem Willibrord seng Aarbecht an engem europäesche Kontext ze honoréieren. Wann d'Zäit an d'Wieder et erlabe maache mir duerno nach e klengen Tour duerch d'Alstad.

**Mir fuere viru Mëtteg dohinner wou mir zu Iechternach iessen.**






06


Basilika vun Iechternach












Plan de la basilique romane avec les vestiges de l'église mérovingienne







## MËTTWOCHS,
28 | 02 | 2024

TRËFFPUNKT: GEMENG/DICKS/ARCA/FLEURI
AUERZÄIT: 11:00
RETOUR: GÉINT 18:00

PRÄIS: 30€ (OUNI IESSEN)
UMELDUNG BIS: 19 | 02 | 2024

FEBRUAR

# THÉ DANSANT
## MAM ORCHESTER EVER DANCE

07



Orchester Ever Dance



**„Keine andere Tätigkeit kann soviel Spannung und Aggressivität abbauen wie die in Körperbewegung umgesetzte Musik."** *(Gerhard Szczesny)*

Et ass erëm Zäit fir d'Danzschong aus dem Schaf ze huelen a bei eis op eisen traditionellen Thé Dansant ze kommen. Eisen Orchester "Ever Dance" weess genee wéi en Iech an déi richteg Stëmmung bréngt an da kënnt Dir lass fueren.

Natierlech ass jiddereen häerzlech invitéiert, och déi déi net gären danzen, a just een immens flotten Nomëtten a gudder Gesellschaft wëlle verbréngen.

**Fir Iessen an Drénken ass gesuergt.**





SONNDES,
10 | 03 | 2024

| | | | |
|---|---|---|---|
| WOU: | CENTRE ATERT (FESTSALL) | PRÄIS: | GRATIS |
| AUERZÄIT: | 14:30 - 20:00 AUER | UMELDUNG BIS: | 08 \| 03 \| 2024 |







# 08

# OPFÉIERUNG VUM
## LËTZEBUERGESCHEN THEATERSTÉCK
# “ZIZOU A ZAZOU”



08

e lëtzebuergescht Theaterstéck

**Mam Frédérique Colling a Catherine Elsen**
**Ënnert der Regie vum Claire Wagener**

D’Zizou an d’Zazou, zwou Dammen déi sech e Liewe laang méi oder manner harmonesch zur Säit stoungen, kucken eng leschte Kéier op hire gemeinsame Wee zréck, virun deem den noen Doud si endgültег vuneneen erléise soll. Gefaangen an engem zouene Raum, mussen si sech mat den Decisiounen auseгnee setzen, déi hiert Liewe bestëmmt hunn. Am Häerz vun enger scheinbar klassescher Fréndschaft entwéckelt sech eng surreal Rees duerch d’Landschafte vun Dreem an Erënnerungen, Wënsch an Enttäuschungen, eng Rees, déi de Courage vun den zwee Personnagen op d’Prouf stellt. Kënnt zum Schluss nach eng befreiend Erkenntnes, oder ass et einfach op eemol eriwwer, matzen am ugefaangene Saz?











FREIDES,
15|03|2024

WOU: ARCA
AUERZÄIT: 15:00


PRÄIS: 20 €
UMELDUNG BIS: 14|03|2024

CINÉMA

# " THE FATHER "

Réalisé par Florian Zeller

09



09

Anthony Hopkins

Anthony, un octogénaire têtu, refuse systématiquement tous les aidants que sa fille Anne lui présente. Pourtant, comme le vieil homme commence à faire de la démence, il serait essentiel qu'il ne reste pas seul chez lui. Anne finit par lui présenter Laura, une jeune femme enjouée, qu'Anthony adopte d'emblée puisqu'elle lui rappelle une personne chère à son cœur. Mais, bientôt, les souvenirs se mélangeront au présent et la réalité deviendra difficile à saisir pour Anthony, même avec quelqu'un de confiance à ses côtés.












MERCREDI,
20|03|2024

OÙ : ARCA
HORAIRE : 15:00
PRIX : GRATUIT


Movie Time

DURÉE DU FILM : 98 MINUTES
INSCRIPTION : 19|03|2024
VERSION : ( FR )

MARS

# VISITT VU SEDAN
# A SENGER FESTUNG

10



Château Fort Sedan

Um Ufer vun der Meuse steet ganz stolz d'Festung vu Sedan, déi op eng sechs joerhonnertenal Geschicht zréck kuckt. Nodeems den Evrard III de la Marck d'Herrschaft vu Sedan sengem Schwoer Guillaume de Braquemont ofkaaft huet, baut hien 1424 dat éischt Schlass zu Sedan ‚mat engem "Prieuré". Dës dräieckeg Buerg, déi och primitiv Buerg genannt gëtt, gouf vun den Nokomme vum Evrard staark verstäerkt a vergréissert. Hei kréie mir eng ganz interessant Féierung a ginn an d'Geschicht vum Schlass an.

**Mëttes iesse mir an engem Restaurant zu Sedan.**

Am Nomëtteg maache mir mat eisem Guide ee Spadséiergang duerch Sedan, wat mol onofhängeg war, ewéi haut Monaco. Hei ginn et nach vill schéi Gebaier aus vergaangener Zäit.









MËTTWOCHS,
27 | 03 | 2024

| | | | |
|---|---|---|---|
| TRËFFPUNKT: | GEMENG/DICKS/ARCA/FLEURI | PRÄIS: | 50€ (OUNI IESSEN) |
| AUERZÄIT: | 07:30 | UMELDUNG BIS: | 13 \| 03 \| 2024 |
| RETOUR: | GÉINT 19:00 | | |

# 11

KONFERENZ

## SELF-COMPETENCE

Mam Här Michel Hubert
*- Meditatiounscoach*



Gesond a monter mam AyurVeda


Gesond a monter mam AyurVeda

Wat ass AyurVeda? - D'Wëssen, ëm d'Naturgesetzer, déi eis Mënschen, d'Natur an de ganze Kosmos regéieren. Entdeckt d'Prinzippien an d'Fundamenter vun Ärer Gesondheet, Ärer Liewensfreed an Ärem Gléck. Entdeckt wéi einfach a wäertvoll AyurVeda ass - fir jiddereen, all Dag, fir d'Liewen.

An dësem éischte Virtrag entdecke mir seng zentral Aspekter an eng global Visioun. Déi dräi Basiskräfte vun eisem Geescht, Kierper an Natur. Den Afloss vun natierlechen Zyklen a Rhythmen op eist Liewen. Iessen a liewen an Harmonie mat dësen Zyklen. Toxinnen an Dreck an eisem Geescht a Kierper - wat elo? Verdauung, Geschmaach an Eegenschafte vu Liewensmëttel a méi.

An engem spéidere Virtrag wäerte mir op d'Basispiliere vu gudder Gesondheet an der Präventioun vu Krankheet, Diagnostik an Therapien am AyurVeda beliichten.

An enger drëtter Virliesung wäerte mir de Wäert vu Yoga a Meditatioun als de Pilier vun Harmonie, Bewosstsinn, Geescht a Kierper fir eist gesond a glécklecht Liewen entdecken.






| | | | |
|---|---|---|---|
| DONNESCHDEG, 28 \| 03 \| 2024 | | A•L•T•E•R•N•A•T•I•V•E medicine | |
| WOU: | MAISON SCHAUWENBURG 2. STACK | PRÄIS: | GRATIS |
| AUERZÄIT: | 15:00 - 16:30 AUER | UMELDUNG BIS: | 27 \| 03 \| 2024 |



André Rieu

# SAVE THE DATE
# ANDRÉ RIEU
## ZU MAASTRICHT



Wie kennt en net, den hollännesche Virtuos! Erlieft en onvergiesslechen Owend ëmgi vu senger Musek. Den André Rieu a säin Orchester spille klassesch Stécker mat populären Arrangementer. Dëst gëtt ergänzt duerch Orchesterversioune vun Hits a Poplidder. Opfälleg bei sengen Optrëtter ass, datt hien als Dirigent vum "Johann Strauss Orchestra" ëmmer mat senger Gei spillt a meeschtens vis-à-vis vum Publikum respektiv Kameraen optrëtt, an esou den Orchester net am eigentleche Sënn dirigéiert.

**De Programm mam Präis kënnt no, mee Dir kënnt Iech awer umellen, wëll d'Plaze si limitéiert.**















## SAVE THE DATE
## 14-15 JULI 2024

# EISE
# FOTOS
# RËCKBLÉCK



# TRËPPELTIER









# PLAN INCLINÉ

**26-07-2023**





















# GEROLSTEIN

**02-08-2023**









# ROUSEGAART ZWEEBRÉCKEN

**09-08-2023**



















# MARIE ASTRID

**11-08-2023**



















# INFORMATIONEN - INFORMATIONS

Einschreibung // Inscription

## WICHTIGE HINWEISE :

Die Teilnahme an Aktivitäten erfolgt auf eigene Verantwortung.

Anmeldungen werden telefonisch und per E-Mail entgegengenommen. Sie werden umgehend informiert, ob ein Platz frei ist oder ob Sie auf der Warteliste stehen.

Wurde Ihnen mündlich oder per E-Mail ein Platz zugesichert, dann überweisen Sie binnen 7 Tagen den entsprechenden Betrag mit dem korrekten Vermerk.

Ihre Anmeldung ist verbindlich.

Sollten Sie aus gesundheitlichen Gründen absagen müssen, so informieren Sie uns sofort. Unter Umständen können wir Ihren Platz an einen Interessenten weitergeben. Die für uns entstehenden Unkosten werden nicht zurückerstattet.

Bei vielen Aktivitäten werden Fotos von den Teilnehmern gemacht. Diese werden zu Veröffentlichungen im Club und auf der Homepage der Gemeinde Bartringen genutzt. Sind sie nicht damit einverstanden, dass ein Foto von Ihnen veröffentlicht wird, dann teilen Sie uns dies schriftlich mit.

## AVIS IMPORTANTS :

L'usager participe aux activités à ses propres risques. La commune décline toute responsabilité en cas d'accident.

Les inscriptions aux activités se font soit par téléphone, soit par courriel.

En cas de confirmation de votre inscription, veuillez effectuer le paiement dans les meilleurs délais.

Votre inscription est contraignante.

Si vous êtes dans l'incapacité de participer aux cours pour des raisons médicales, veuillez-nous en informer dans les meilleurs délais. Le cas échéant, votre place sera confiée à une personne sur la liste d'attente. Les frais d'inscription ne peuvent être remboursés dans aucun cas.

Lors de toute activité, des photos peuvent être prises et peuvent être reprises dans des publications. Si vous ne voulez pas figurer dans des publications, veuillez nous en informer en avance et par écrit.

## EINSCHREIBUNGEN /// INSCRIPTIONS

CLUB AM SCHLASS – 26 312 250/255 OU CLUBAMSCHLASS@BERTRANGE.LU

COMPTES BANCAIRES : BCEE LU15 0019 1001 0292 6000
CCPL LU54 1111 0070 9110 0000

Club Am Schlass
centre de rencontre

SERVICE SENIORS
2, BEIM SCHLASS | L-8058 BERTRANGE

LUNDI - VENDREDI DE 08:00 - 16:00

EMAIL: CLUBAMSCHLASS@BERTRANGE.LU
TELEFON: 26 312 - 250 / - 255

Club Am Schlass

WWW.BERTRANGE.LU



Commune de BERTRANGE